



# Concret

09.05.2021

## EUROPADAG

ⓁⓊ Ried vun der Buergermeeschtesch  
ⓁⓇ Discours du bourgmestre

Léif Biergerinnen a Bierger,

Den 9. Mee ass Europadag.

Am Joer 1950 ass mat der berüümter **Deklara-tioun Schuman** de Grondstee vun Europa ge-luecht ginn. An dëser Deklaratioun huet den deemoolege franséischen Ausseminister Robert Schuman proposéiert, fir eng europäesch Com-munautéit ze schafen, wou fir d'éischt Frank-räich an Däitschland hier Kuel- an Eiseproduk-tioun zesummegeluecht hunn.

Duerch d'Zesummeleeë vun den ekonomeschen Interessen sollt de Wuelstand verbessert a besonnesch e Krich téschent Frankräich an Däitsch-land verhënnert ginn. No an no sinn ëmmer méi europäesch Länner an der CECA (communauté européenne du charbon et de l'acier) Member ginn. **Lëtzebuerg war vun Ufank u beim Opbau an der Entwécklung vun Europa dobäi.**

Et huet sécher dozou bäigedroen, dass eist Land téschent deene wichtigste Länner vun Europa läit. Doniewent schwätze mir vu klengem un déi 3 offiziell Sproochen, wuesse vu klengem u mat Mënschen aus ville verschiddene Länner op a si ganz oppen vis-à-vis vun hinnen an hire Kulturen. An onsem Land lieve mir duerch eis Sproochevillfalt an eist multikulturellt Ëmfeld d'Wäerter vun Europa zanter jeehier.

Am Joer 1985 ass **de Schengener Accord** zu Schengen ënnerschriwwen ginn. Och ass Lëtze-buerg eng vun den 3 europäeschen Hauptstied, wou déi wichtegst europäesch Institutiounen an Administratiounen doheem sinn. Och wa mir esou kleng sinn, ass den Engagement vu Lëtze-buerg fir Europa enorm grouss.

Zanter Jore betoune mer all Europadag an all Nationalfeierdag, wéi wichteg eist Europa ass – an dass mir nëmmen zenter iwwer 77 Joer ouni Krich konnte liewen, well et Europa gëtt.

An der Nuecht vum 23. op den 24. Februar ass Russland an d'Ukrain agefall an zanterhier ass Krich. Krich op der viischer Dier vun Europa. E Krich, deen all d'Länner vun Europa an op der ganzer Welt schockéiert. D'Welt ass säit 2 Joer mat der Corona-Pandemie geplot, an elo erlieue mir alleguer dësen onsënnege Krich. **Zënter Ufank Mäerz kommen d'Affer vum Krich, déi ukrainesch Flüchtlingen, och bei eis un.**



Marion Zovilé-Braquet, Buergermeeschter

Eng Pandemie, an där Europa op ville Punkten un d'Wackele komm ass, z.B. bei den zouene Grenzen vun eisen däitsche Noperen ... Elo e Krich, wou kee weess, wéi et virugeet ... An dann de Fait, dass ganz Europa geziddert huet, wéi bei eisem franséische Noper gewielt ginn ass ...

**Alles dat huet awer och Positives – an zwar sinn all d'Länner vun Europa an deene leschte Wochen a Méint vill méi no zesummegeërckelt. Elo misst och dee Leschte verstanen hunn, dass et nëmmen zesumme funktionéiert.**

**Mir brauchen e gëeent Europa,** wou d'Länner net just no hirem Virdeel kucken a wou zesum-me Léisungen ausgeschafft ginn. Et ass sécher net einfach, well all Land seng eege Spezifizi-téiten huet, seng eege Problemer, Stärkten a Schwächen. Wa mir dëst awer all fäerdeg-bréngen, da gëtt Europa nach méi staark a grouss.

Dass mir d'Wäerter vun Europa liewen, weist déi enorm Solidaritéit mat der Ukrain hei zu Lëtze-buerg an och an eisen Nopeschlänner. Et ass einfach formidabel, ze gesinn, wéi vill Mënsche spenden, Spende sammeln a verdeelen, ukrai-nesch Famillje bei sech ophuelen, Wunnengen zur Verfügung stellen, Mammen a Kanner mat hiren eegenen Autoen op d'Grenze siche fueren a sech all Dag engagéieren, de Flüchtlingen ze hëllef. An och dat ass Europa.

Esou vill Leit hu realiséiert, wéi schlëmm esou e Krich ass. Ech hoffen, dass eis alleguer doduerch bewusst gëtt, wéi gutt et ons eigentlech geet a wéi roueg a friddlech mir zënter dem 2. Welt-krich an eisem Land an an Europa gelieft hunn.

**Fir d'Zukunft vun Europa, vun eise Kanner an eiser Äerd: Kommt, mir halen zesummen – doheem, an eiser Gemeng, an eisem Land an an Europa.**

Chers citoyens et citoyennes,

Le 9 mai marque la Journée de l'Europe.

En 1950, la fameuse **déclaration Schuman** a posé la première pierre de l'Europe. Dans cette déclara-tion, le ministre français des Affaires étran-gères Robert Schuman a proposé de créer une communauté européenne dans laquelle la France et l'Allemagne ont mis en commun leur produc-tion de charbon et de fer.

La mise en commun des intérêts économiques devrait permettre d'améliorer la prospérité et surtout d'éviter une guerre entre la France et l'Allemagne. Peu à peu, de plus en plus de pays européens sont devenus membres de la CECA. **Le Luxembourg a participé dès le début à la construction et au développement de l'Eu-rope.**

Le fait que notre pays soit situé entre les pays les plus importants d'Europe y a certainement contri-bué. De plus, nous parlons les 3 langues officielles depuis notre enfance, nous grandissons avec des personnes de nombreux pays différents et nous sommes ouverts à leurs cultures. Dans notre pays, nous vivons depuis toujours les valeurs de l'Europe grâce à notre diversité linguistique et à notre environnement multiculturel.

En 1985, **l'accord de Schengen** a été signé à Schengen. Le Luxembourg est également l'une des 3 capitales européennes qui abritent les prin-cipales institutions européennes. Même si nous sommes si petits, l'engagement du Luxembourg pour l'Europe est énorme.

Depuis des années, nous soulignons à l'occasion de chaque Journée de l'Europe et de la Fête natio-nale l'importance de l'Europe – et le fait que nous n'avons pu vivre sans guerre que depuis plus de 77 ans grâce à l'Europe.

Dans la nuit du 23 au 24 février, la Russie a envahi l'Ukraine et depuis, il y a une guerre. Une guerre dans la zone frontalière de l'Europe. Une guerre qui choque les pays d'Europe et du monde entier. Le monde souffre depuis deux ans déjà de la pan-démie de Corona et maintenant nous sommes tous touchés par cette guerre insensée. **Depuis début mars, les victimes de la guerre, les réfu-giés ukrainiens, arrivent également dans notre pays.**



Une pandémie qui a fait trembler l'Europe en de nombreux endroits, par exemple avec les fron-tières fermées de nos voisins allemands ... Main-tenant, une guerre dont personne ne sait com-ment elle va évoluer ... Et puis le fait que toute l'Europe a tremblé quand nos voisins français ont voté ...

**Mais tout cela a aussi un côté positif, à savoir que tous les pays d'Europe se sont considéra-blement rapprochés au cours des dernières semaines et mois. Maintenant, même le der-nier devrait avoir compris que cela ne peut fonctionner qu'ensemble.**

**Nous avons besoin d'une Europe unie,** où les pays ne cherchent pas seulement leur avantage et où l'on travaille ensemble à des solutions. Ce n'est certes pas facile, car chaque pays a ses spécificités, ses problèmes, ses forces et ses fai-bleesses. Mais si nous y parvenons, l'Europe sera plus grand et plus forte.

L'énorme solidarité avec l'Ukraine, ici au Luxem-bourg et dans les pays voisins, montre que nous vivons les valeurs de l'Europe. C'est tout simplement extraordinaire de voir combien de personnes font des dons, aident à la collecte et à la distribution, accueillent des familles ukrai-niennes chez elles, mettent leur logements à dis-position, vont chercher les mères et les enfants aux frontières avec leurs propres voitures et s'engagent chaque jour pour aider les réfugiés. Et ça aussi, c'est l'Europe.

Tant de gens ont réalisé la gravité d'une telle guerre, et j'espère que nous prenons conscience de la chance que nous avons, de la tranquillité et de la paix que nous avons vécues dans notre pays et en Europe depuis la Seconde Guerre mondiale.

**Pour l'avenir de l'Europe, de nos enfants et de notre planète : restons unis – chez nous, dans notre commune, dans notre pays et en Europe !**